CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
10 JUIL. 2018
3920

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2018

Här President,

Esou eréi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert de System SANITEL un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

De System SANITEL ass een Informatiksystem mat deem Déiere wéi Ranner , Schof, Gefligel asw an der ganzer Produktiounslinn registréiert, gespäichert an identifizéiert kenne ginn. Domadder gëtt Traçabilitéit assuréiert well all eenzel Déier zu all Moment kann identifizéiert ginn. Laut eisen Informatioune sinn ab dem 1. Juli néi Oueremarke vu obligatoresch. Wéi et schéngt wieren awer vill Baueren nach net iwwert dëse Schrëtt informéiert gi respektiv wéissten net, dass néi Oueremarken am Ëmlaf wieren.

Dofir wollte mir dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen.

- Kann den Här Minister eis dës Informatioune bestätegen?
- Wa jo, firwaat sinn Baueren net iwwer dess Changementer a Kenntnis gesaat ginn?
- Wat geschitt wann ee Bauer bei enger Kontroll elo net konform wär?

Här President, mir bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen **Marco Schank**

Députéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 3920 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank

Kann den Här Minister eis dës Informatioune bestätegen?

De System « Sanitel », dee vun der Divisioun „Identification et Enregistrement des animaux" vun der Veterinärsinspektioun geréiert gëtt, huet als Aufgab, d'Halter vu verschiddenen Déierenaarten (Ranner, Schwäin, Schof a Geessen) z'enregistréiere grad wéi och d'Déieren, déi zu engem bestëmmte Moment an hirem Besëtz sinn. Dëse Service ass och zoustänneg fir d'Gestioun a Verdeele vun den Ouermarke souwéi de Rannerpäss, déi Bestanddeel si vun der Traçabilitéit vum Déier mee och vum Fleesch dat aus deenen Déiere gewonne gëtt.

Wat d'Ranneridentifikatioun ubelaangt, ass den neie Règlement grand-ducal der europäescher Reglementatioun ugepasst ginn. Eng grouss Änderung vun dem Reglement besteet doranner, dass ab dem 1. Juli 2018 déi neigebuere Kaalwer 2 Ouermarken ukréie wouvunner eng elektronesch ass, dat heescht dës Ouermark ass mat engem Microchip ausgestatt, den et erlaabt, d'Sanitelsnummer mëttels Liesegerät elektronesch z'erfaassen.

Wa jo, firwat si Baueren net iwwer dës Changementer a Kenntnis gesat ginn?

Dës Changementer goufe per Communiqué vum Ministère via d'landwirtschaftlech Presse matgedeelt. Zousätzlech kritt all Bauer bei der Bestellung vun Ouermarken en Informatiounsblat matgeschéckt, dat des Neierung erläutert an déi néideg Erklärunge gëtt, wéi déi nei Ouermarken ze handhabe sinn.

Wat geschitt wann ee Bauer bäi enger Kontroll elo net konform war?

Vu dass et duerch de grousse logisteschen Opwand net méiglech war, bis den 1. Juli all Bauer mat den neien Ouermarken ze versuergen, an dëst no an no geschitt, si sämtlech Kontrollinstanzen ugewise bis Enn 2018 an dem Beräich keng Non-Konformitéiten ze notéieren an den Déierenhalter haaptsächlech op déi Neierung opmierksam ze maachen. Enn 2018 maache mir dann de Bilan vun der Aktioun a leeën déi weider Virgoensweis fest.